N°3658
Entrée le 13.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 3658 vum 13. Februar 2026 vun den Hären Deputéierten Mars Di Bartolomeo an Yves Cruchten iwwer d'Entwécklung vun den internationalen Zuchverbindungen.**

Déi honorabel Deputéierte stelle Froen zu der Machbarkeetsstudie iwwert eng direkt Zuchverbindung Lëtzebuerg-Saarbrécken-Mannheim.

**Wat sinn d'Conclusiounen vun der Machbarkeetsstudie?**

Eng Schinnendirektverbindung tëscht Lëtzebuerg, Saarbrécken an dem wichtegen däitschen Eisebunnsknuet vun Mannheim gouf iwwert déi lescht Jore studéiert. An der Theorie wier esou eng Verbindung méiglech, allerdéngs just progressiv an och a verschiddenen Etappen ze realiséieren. D'Studie huet heifir 2 Méiglechkeeten opgewisen:

- Eng regulär Verbindung, déi an de regionale Verkéier via Wasserbëlleg – Konz – Saarbuerg a Saarbrécken bis Mannheim integréiert ass. Sou eng "schnell regional Verbindung" géif eng direkt Verbindung vu Lëtzebuerg bis Mannheim an ongeféier 3 Stonnen erlaben an dobäi eng nei attraktiv Offer fir d'Grenzgänger aus dem Saargebitt schafen.

- Eng selektiv Fernverbindung (vergläichbar mam TGV-Service an de Süde vu Frankräich), déi sech iwwer Saarbrécken a Mannheim an dat däitscht Fernverkéiersnetz integréiere géif. Sou eng Verbindung géif op kommerzieller Basis bedriwwe ginn. Aus lëtzebuerger Siicht wier dës Optioun mat enger Route iwwer Metz an Thionville am villverspriechensden. Et besteet awer och d'Optioun, déi an der Studie net déifgoend ënnersicht gouf, esou eng Verbindung iwwer Konz a Wasserbëlleg ze leeden, wat natierlech méi praktesch fir Rheinland-Pfalz wier.

**Wat fir technesch, infrastrukturell, juristesch a finanziell Hürde goufen an der Machbarkeetsstudie identifizéiert?**

Déi infrastrukturell Hürden op lëtzebuerger Säit ginn ënnert der Fro 4 méi am Detail erkläert. Op däitscher Säit ass eng infrastrukturell Contrainte den Engpass vun der Bréck zu Konz déi muss moderniséiert ginn. Iwwert d'Finanzement vum Projet muss, wéi och ënnert der Fro 5 erkläert, nach geschwat ginn. E weideren identifizéierte Punkt, den ze kläre bleift, ass d'Rullmaterial wat e brauch fir des Verbindung kennen ze fueren. Dëst muss mat deene verschiddenen technesche Contrainten an alle betraffene Länner kompatibel sinn.

**Wéini ass mat dëser direkter Zuchverbindung ze rechnen?**

Mat dëser direkter Zuchverbindung ass net virun der zweeter Hallschent vun den 2030 Joren ze rechnen an dëst just mat der Viraussetzung, dass déi verschidde Punkten ënnert der Fro 2 mat den däitsche Partner am Viraus gekläert sinn.

Besonnesch beim Finanzement ass de Projet aus lëtzebuerger Siicht ofhängeg dovu wat an de jeeweilegen däitsche Bundeslänner méiglech ass an decidéiert gëtt.

**Wéi eng Aarbechte mussen op Lëtzebuerger Säit ënnerholl gi fir dës Zuchverbindung z'erméiglechen a no wat fir engem Zäitplang?**

Op Lëtzebuerger Säit musse prinzipiell zwou Zorten Aarbechten ënnerholl ginn, fir des Zuchverbindung z'erméiglechen. Emol brauch en den Ausbau vun der Gare zu Waasserbëlleg. Hei sollen d'Aarbechten ugangs 2029 ufänke fir eng geplangte Mise en Service 2032. An zweetens, muss den Ofschnëtt tëscht Sandweiler an Éiter op der Waasserbëlleger Streck zweegleiseg ausgebaut ginn. Dëse komplexe Projet ass fir den Horizont 2035-2040 geplangt.

**Wat fir finanziell Engagementer goufen et vun deene verschiddene Säiten?**

Dem aktuelle Stand no goufen nach keng finanziell Engagementer tëscht de Partner op lëtzebuerger an däitscher Säit getraff.

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES